# MENG GEMENG

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

FEBRUAR - MÄERZ 2023



## Liichtmëssdag,

*eng Traditioun,*
*déi erhalenswäert ass*

**Édito** 3
*En neit Joer, nei Erausfuerderungen!*



**Die Gemeinde wächst - „packen wir's an“** 4
*Vor etwas mehr als einem Monat wurde der Gemeindehaushalt 2023 in Petingen gestimmt. Ein Dokument, welches als das wichtigste eines kommunalen Betriebsjahres gilt. Auch für das laufende Jahr, das sechste und letzte der aktuellen Legislaturperiode, stehen wiederum zahlreiche außerordentliche Projekte an: seien es Projekte, welche sich bereits im Bau befinden, welche fertiggestellt werden sollen, sich erst in der Planung befinden oder im Lauf des Jahres begonnen werden.*



**The making of RPL TV** 8
*Et ass eng Saach fir Fotoen ze kucken an e kuerzen Text zu verschiddenen Evenementer an der Gemeng ze liesen, ma et ass eppes ganz Aneschters wann een de Fernseh uméicht an a Filmer gesäit, wat lass war an der Gemeng Péiteng. Dat ass méiglech duerch d'Ariichte vun engem TV-Sender, deen exklusiv fir déi Péitenger Gemeng geduecht ass …*

**AGENDA** 9
*Février - Mars - Avril*

**Wat war lass?** 11

**Rock the South** 14

**Rentnerfeier** 16

**Mir gratuléieren** 23

**D'Gemeng informéiert** 25
*De Geschichtsfuerscher Nummer 11 ass do!*
*E Liewe laang – Filmvirféierung*
*Programm fir RPL TV*
*Richtegstellung*
*Eng laang Geschicht …*
*Gemengewale vum 11. Juni 2023 – Elections communales du 11 juin 2023*
*Zumba Charity Event*

**75e Cyclo-Cross International de Nouvel-An** 27

**66e Cavalcade de la Mi-Carême** 28

## IMPRESSUM

**Éditeur:**
Administration communale de Pétange
B.P. 23 • L-4701 Pétange
Tél.: 50 12 51-1000
Fax: 50 12 51-2000
www.petange.lu
commune@petange.lu

**Comité de rédaction:**
Pia Hansel, Jean-Paul Oms

**Photos:**
Service Culture et Communications de la commune de Pétange, Laurent Blum, Seniorie St Joseph Pétange, Bernard Pierre, Anthony Spota, Nathalie Flenghi, Schemel Wirtz / Franz & Sue Architecte, planetplus, Jacques Degardin - architecte, istockphoto

**Mise en page & impression:**
Imprimerie Heintz, Pétange
PRINTED IN LUXEMBOURG

„Meng Gemeng", imprimé sur du papier 100% recyclé, paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange.

**Édition:**
Février - Mars 2023

ISSN 1993-0070





# En neit Joer, nei Erausfuerderungen!

Wéi d'Zäit vergeet… elo ass et scho méi ewéi e Mount hir, datt mir den Ufank vun engem neie Joer gefeiert hunn. Mir stinn nees alleguer matten am Liewen, matten an der Aarbecht, déi net manner gëtt. Eng gutt Saach, well et ass en Zeechen, datt mir aktiv sinn, datt d'Entwécklung vun der Gemeng riicht viru geet.

De 16. Dezember huet de Gemengerot de rektifizéierte Budget 2022 an den initiale Budget 2023 gestëmmt. E Vote, deen eis als Gemeng gring Luucht gëtt fir déi Projeten, déi fir d'Bierger entstinn, respektiv nach sollen entstoen, och ëmzesetzen. Bei all deene groussen an och emol manner grousse Projete stinn déi ganz ënnerschiddlech Bedierfnisser vun eise jonken a manner jonke Bierger un éischter Plaz, sief dat bei den Aarbechten iwwer oder ënnerem Buedem.

Déi Péitenger Gemeng ass op alle Fall gutt opgestallt fir d'Erausfuerderunge vun der Zukunft unzegoen. Dofir investéiere mir lafend an de Beräicher vum Wunnéngsbau, vun der Betreiung vun de Kanner, de Stroosseninfrastrukturen esouwéi de Schoulen an de Sportanlagen, fir der just e puer ze nennen. Esou gëtt zum Beispill e ganz neie Schoulkomplex zu Rodange gebaut iwwerdeems zu Rolleng a Péiteng nei Raimlechkeeten opgi fir d'Kanner aus der Grondschoul an eng nei Musikschoul viraussichtlech hir Diren och wäert an e puer Méint opmaachen. An am Quartier Neiwiss 2 zu Rodange wäerten iwwerdeems nei Familen en Doheem fannen.

E weidere groussen Impakt stellen d'Stroossenaarbechten duer, déi zwar am Virfeld festgeluecht ginn, awer dacks duerch all méiglech Ëmstänn kënne geännert, verréckelt oder an der Envergure vergréissert ginn. Dat ass en heikelt Thema, well et dacks Auswierkungen huet op de Verkéier an op de Kaméidi. Awer et ass och e ganz wichtegt Thema. Wa mir och genuch Budget hu fir eis eegen Ënnerbauaarbechten, esou musse mir eis fir dëst oder dat awer de Ponts et Chaussées, der Creos, der Post oder Sudgaz uschléisse fir ze vermeiden, datt zweemol déiselwecht Plaz opgerappt muss ginn. Dat huet scho méi wéi eng Kéier zu Dérangementer gefouert, iwwer déi mir all net glécklech waren, awer wou et keen anere Wee gouf. Well wee bezillt scho gären zweemol?

Jo, de kommunale Budget ze verwalten, dat ass net einfach. Dat kennen déi meescht vun hirem eegene Budget doheem. An et ass eng Genugtuung, wann een um Enn oder um Ufank vun engem Joer gesäit, datt richteg Entscheedunge getraff goufen an am Portmonni nach Suen iwwreg si fir weiderzefueren. Mir fueren an der Gemeng esou weider, schaffe fir d'Leit, a wäerten och déi nächst Joren an d'Zukunft vun deene jonke Generatiounen investéieren, déi no eis kommen.

De Schäfferot vun der Péitenger Gemeng



# Die Gemeinde wächst - „packen wir's an“

*Vor etwas mehr als einem Monat wurde der Gemeindehaushalt 2023 in Petingen gestimmt. Ein Dokument, welches als das wichtigste eines kommunalen Betriebsjahres gilt. Auch für das laufende Jahr, das sechste und letzte der aktuellen Legislaturperiode, stehen wiederum zahlreiche außerordentliche Projekte an: seien es Projekte, welche sich bereits im Bau befinden, welche fertiggestellt werden sollen, sich erst in der Planung befinden oder im Lauf des Jahres begonnen werden.*

Diesbezüglich sei auch zu beachten, dass die Kosten der meisten Projekte in den vergangenen Monaten gestiegen sind und auch so manche Pläne zunächst auf Eis gelegt werden mussten. Doch allen Umständen zum Trotz hat es die Petinger Gemeinde dank einer vorsichtigen Finanzpolitik geschafft, nicht nur die Gemeindeschuld auf etwa 2 Millionen Euro zu senken, sondern auch aufgrund einer Finanzreserve von 16 Millionen Euro dafür zu sorgen, dass weitere Investitionen in den kommenden Jahren ohne größere Probleme möglich sind.

Angeführt sind einige der umfangreichsten Projekte, welche die Gemeinde Petingen auf den Weg in die Zukunft vorbereiten sollen.

Die neue **Petinger Musikschule** im Zentrum der Ortschaft schlägt mit einer Gesamtausgabe von mehr als 26 Millionen Euro zu Buche. Pünktlich zum Schulanfang im kommenden September soll auch der Musikunterricht in den neuen Musiksälen beginnen. Bereits ab Mai 2023 werden die unterirdischen Parkplätze der Öffentlichkeit zur Verfügung stehen. Lediglich die Arbeiten am Auditorium werden sich bis voraussichtlich 2024 hinein ziehen.





Im Rahmen der Neugestaltung des **Zentrums von Rodange** entsteht ein weiterer Neubau: der **Schulkomplex** mit Grundschule, Kindertagesstätte, Sporthalle sowie unterirdischem Parkhaus für rund 70,5 Millionen Euro. Die 3 unterschiedlichen Strukturen sind innerhalb des Gebäudes miteinander verknüpft und fügen sich in das Gelände zwischen dem Schulgebäude *Am Päesch* und den Häusern in der rue Nic Biever ein.







Seit 15 Jahren ist die Gemeinde Petingen darum bemüht, ausreichend Plätze in den Kinderhorten- und/oder –tagesstätten zur Verfügung zu stellen. In diesem Sinne soll auch die Inbetriebnahme der **Maison Relais in Lamadelaine** ihren Teil dazu beitragen. Damit sollte das modernisierte und erweiterte Schulprojekt Lamadelaine – mit u.a. Kindergarten, Vorschulklassen und einer Logopädie-Klasse - ab August 2023 sollen die ersten Kinder hier empfangen werden.

Auch in **Petingen** neigen sich die Arbeiten am **Schulgebäude *An Eigent*** dem Ende zu. Ab September 2024 werden sich auch hier aller Voraussicht nach die Türen öffnen. Doch damit nicht genug. Neben der aktuellen Maison Relais wird gegenüber dem Hotel Threeland in der rue Pierre Hamer eine weitere Kindertagesstätte mit einer Verbindungsbrücke zur bestehenden Auffangstruktur entstehen. Die diesbezüglichen Arbeiten werden noch in diesem Jahr anlaufen und den Empfang von mindestens 200 Kindern ermöglichen.





Nicht vergessen werden im Rahmen der angesetzten Bauvorhaben die Jugendlichen. Ihre Anlaufstelle für Freizeitaktivitäten, Gespräche und vieles mehr, das **Jugendhaus in Petingen**, wird für rund 1,75 Millionen Euro ausgebaut und modernisiert. 2023 sollen die voraussichtlich ein Jahr dauernden Arbeiten beginnen. Eine staatliche Finanzhilfe über 500.000€ wurde in Aussicht gestellt.



Wenn über Bevölkerungszuwachs gesprochen wird, so muss im selben Atemzug auch von Wohnraum gesprochen werden. Um auch dieser Nachfrage Rechnung zu tragen entstehen in der **Siedlung *Neiwiss 2*** – zwischen der rue Jos Moscardo und der route de Longwy in Rodange – Wohnungen sowie Einfamilienhäuser. Das Ende der Infrastrukturarbeiten ist für September 2023 vorgesehen derweil die Grundstücke bereits zum Verkauf stehen. Konstruktionsbeginn der ersten Häuser soll 2024 sein.




Im Bereich Verkehr ist in Petingen bereits ein **Parkleitsystem** eingeführt worden, welches den Automobilisten zu noch freistehenden Parkplätzen leitet bzw. auf Baustellen oder Verkehrsbehinderungen auf dem Petinger Gebiet hinweist. Im laufenden Jahr soll auch in Rodange ein solches System Einzug halten.

Straßenarbeiten stehen im Jahr 2023 ebenfalls auf dem Programm. Gemeinsam mit dem Straßenbauamt wird die **Avenue de la Gare in Lamadelaine** instandgesetzt und auch neu gestaltet. Dies für einen Kostenpunkt von mehr als 470.000€ allein im laufenden Jahr.









In Rodange wird das **Schwimmbad PiKo** wieder auf Vordermann gebracht. Im Augenblick konzentrieren sich die Arbeiten auf die technischen Installationen. Die Wiedereröffnung findet alles Voraussicht nach im 2. Semester 2023 statt. Insgesamt wird die Gemeinde Petingen rund 25 Millionen Euro in das öffentliche Schwimmbad investieren.



Ein nicht unbedeutender Investitionsposten im diesjährigen Haushalt stellt die kommunale finanzielle Einbringung in Höhe von 2,63 Millionen Euro im **SIACH (Syndicat Intercommunal pour l'Assainissement du Bassin de la Chiers)** dar. Die Gesamtinvestition der Gemeinde zur Erweiterung der hiesigen Kläranlage, an welche die Gemeinden Petingen, Differdingen, Käerjeng und Sassenheim angeschlossen sind, wird sich am Ende der Arbeiten auf rund 12 Millionen Euro belaufen. Der Gesamtkostenpunkt der Erweiterung beläuft sich auf – schätzungsweise - über 77 Millionen Euro (Stand, Januar 2023).



# The making of RPL TV

*Et ass eng Saach fir Fotoen ze kucken an e kuerzen Text zu verschiddenen Evenementer an der Gemeng ze liesen, ma et ass eppes ganz Aneschters wann een de Fernseh umécht an a Filmer gesäit, wat lass war an der Gemeng Péiteng.*

Dat ass méiglech duerch d'Ariichte vun engem TV-Sender, deen exklusiv fir déi Péitenger Gemeng geduecht ass. Ma wéi entsteet esou eng Sendung?

Am Service Culture et Communications gëtt zesumme festgeleucht, wat fir Evenementer op RPL gewise ginn, wou exklusiv gefilmt oder „just" fotograféiert gëtt. Och en Thema fir déi grouss Reportage – hei ginn dacks historesch Evenementer gewisen – ginn hei ausgewielt. No an no gëtt dat dobaussen op der Plaz gefilmt oder den Archiv duerchsicht fir datt een och Bildmaterial zur Verfügung huet.

Op sengem Computer ass et d'Véronique Biver, dat sech mat senger ganzer Software ëm d'Schneide vun de Filmsequenze këmmert, dëst nodeems hatt sech d'Filmer alleguer eropgelueden huet. E kuerzen Text zu all Evenement, dat gewise gëtt, stellt de Service dann zesummen, esou datt d'Zuschauer resp. d'Nolauschterer e puer Erklärungen kréien zu deem, wat um Schierm leeft. Dës kuerz Texter gi vum Véronique Biver selwer opgeholl an agebaut. Virum 15. vun all Mount, also deem Dag, op deem déi nei Sendung uleeft, steet nach een Termäin am AUDEO un, wou de Serge Breyer vum Kulturservice de Programm virstellt. Dëst ass och de leschten Deel, deen dann nach muss verschafft an agebaut gi fir datt RPL kann op Sendung goen. Ier dat geschitt, ginn esouwuel d'Texter ewéi d'Filmer nach eng Kéier vun e puer Leit kontrolléiert fir ze kucken, ob sech net eventuell e klenge Feeler ageschlach huet.

Déi fäerdeg Datei gëtt dann op de Server gezunn, esou datt d'Emissioun op RPL TV (Info Kanal) ulafe kann. Wie wëll, dee kann dës Sendung awer och an der Mediathéik um Internetsite (www.petange.lu), um youtube-Kanal an och op der Facebook-Säit vun der Péitenger Gemeng gesinn. An dann heescht et just nach: Vill Spaass beim Kucken!







# AGENDA

## Février – Mars – Avril

### PABEIERSAMMLUNG ZU RODANGE A LAMADELAINE

**Nëmme Päck ënner 10 kg gi matgeholl!**

**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

**LAMADELAINE: DEN 10.02. AN 10.03.**

**RODANGE: DEN 17.02. A 17.03.**

Org.: Gemeng Péiteng



### PABEIERSAMMLUNG ZU PÉITENG

Vu moies fréi bis nomëttes

**Nëmme Päck ënner 10 kg gi matgeholl!**

**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

**PÉITENG: DEN 11.03. AN 01.04.**

Org.: Guiden a Scoute vu Péiteng

### 10.02. SÉANCE D'INFORMATION LSAP

Lamadelaine – Centre de loisirs

Début: 19h00

Entrée libre

Org.: LSAP

### 11.02. ASSEMBLÉE GÉNÉRALE

Rodange – Centre culturel

De 14h30 à 18h00 · Entrée libre

Org.: Coin de Terre et du Foyer Rodange

### 12.02. 10. KANNERFUESBAL

Lamadelaine – Centre de loisirs

De 15h00 à 18h00

Prix du billet d'entrée:
3€ (enfants) · 5€ (adultes)

Org.: L'Avant-Garde Rodange

### 18.02. ART, CULTURE AND HOPE

Rodange – Centre culturel

Evénements à but caritatif

Début: 11h00 · Entrée gratuite

Org.: Les Enfants d'Alice asbl




### 6.03. a 27.03 BICHERBUS

Péiteng, J.F. Kennedy-Plaz
vun 10.45 bis 11.45 Auer

Rodange bei der Sportshal
rue Jos. Moscardo
vun 13.15 bis 14.15 Auer

Gratis Bicher, Audio-Bicher an DVDe léinen.

Info iwwer Tel.: 80 30 81
(Romain Kayser) oder per
E-Mail: bicherbus@bnl.etat.lu

Um Internet ënner:
https://cutt.ly/ewKPTuE

Org.: Kulturministère

### 26.02. BUERGBRENNEN OP DER DÄNNEKNIPPCHEN

Rodange – Nidderréideng
Vu 14 bis 22 Auer · Fräien Entrée

Musik, gutt Stëmmung,
e gudde Maufel an e Patt
Gehëtzten Zelt op der Plaz

Org.: Amicale Nidderréideng Rodange

### 26.02. BUERGBRENNEN UM ROUTRÄIS

Lamadelaine - Fräizäitzenter
Vu 14 bis 21 Auer

Musik, gutt Stëmmung,
e gudde Maufel an e Patt

Fakelzuch bei d'Buerg um Routräis um 19.15 Auer · Fräien Entrée

Org.: Amicale vum Centre d'Incendie et de Secours Pétange

### 01.03. et 05.04. MARCHÉ MENSUEL

Pétange – place J.F. Kennedy
De 8h00 à 12h00

Org.: Association des professionnels des foires et marchés asbl

### 03. & 04.03. SCOUTSTHEATER

Péiteng – Home St. Hubert

Präis vum Billjee:
10€ (Erwuessener), 5€ (Kanner)

Rideau all Kéier um 19.30 Auer

Org.: Péitenger Guiden a Scouten

### 05.03. BAZAR UM INTERNATIONALE FRAENDAG

Rodange – Kulturzenter
Vun 10 bis 20 Auer

Org.: Union des Femmes Luxembourgeoises

### 06.03. GENERALVERSAMMLUNG

Péiteng – Home St. Hubert

Ufank: 19.30 Auer

Fräien Entrée

Org.: CSV Gemeng Péiteng

**07.03.**
### COLLECTE DE VIEUX VÊTEMENTS, SOULIERS ET AUTRES TEXTILES
Pétange, Rodange et Lamadelaine – dans toutes les localités

Horaire: toute la journée

Prière de sortir les boîtes ou sacs avec les vêtements de préférence le matin de la collecte ou le soir du jour précédent

Org.: Aide aux enfants handicapés du Grand Duché

**10.03.**
### KAPESËTZUNG
Lamadelaine – Fräizäitzenter
Ufank: 20.11 Auer · Präis: 25€

Virverkaf vum Tel.: 621 227 315
**Maacht eech bäi, et sinn net méi vill Billjeeën do!**

Org.: KaGePe

**12.03.**
### CONCERT VUM CENTENAIRE 1921 - 2021
Home St Hubert zu Péiteng

Ufank: 16.00 Auer

Org.: Chorale Municipale „Ons Hemecht" Péiteng

**14.03.**
### SOIRÉE D'INFORMATION DÉI GRÉNG PÉITENG
Pétange – Maison de la culture A Rousen · Début: 19h00

Org.: déi gréng Péiteng

**15.03.**
### VISITE DU PARLEMENT EUROPÉEN À STRASBOURG
Inscriptions au: 50 12 51-2020

Dernier délai d'inscription: 24.02.

L'excursion est gratuite.

Org.: Commission de l'Intégration

**20.03.**
### GRAND MARCHÉ
Pétange – place J.F. Kennedy
De 8h00 à 18h00

Org.: Association des professionnels des foires et marchés asbl







**Ausstellungen / Expositions**
### MAISON DE LA CULTURE A ROUSEN
1, place du marché à Pétange

### CHRISTIANE NOËL-FELTEN
**Du 24.03 au 27.03**

L'exposition est ouverte les après-midi entre 14h00 et 19h00

Org.: Syndicat d'initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange

### CENTRE WAX
**25.03.**
### ARPETTI & FRIENDS SONGS-PROJECTS: EUX ET NOUS
Am Sall Um Späicher

Ufank: 20 Auer · Entrée: 20€

(Tickete gi bis 48 Stonne virum Spektakel rembourséiert)

Reservatioune via e-mail: masutti@pt.lu

Iwwerweisungen op de Konto LU20 0019 3955 1923 6000

Informatiounen op www.konschtmillen.lu

Org.: Konscht-Millen asbl

**26.03.**
### KNIDDEL- A BOUNESCHLUPPDAG
Péiteng – Home St. Hubert
Ufank: 11.30 Auer

Informatiounen a Reservatiounen iwwer Tel. +352 691 511 970

Org.: CSV Gemeng Péiteng

clubsenior
### CLUB SENIOR PRËNZEBIERG
**27-29, rue Michel Rodange zu Déifferdeng**
**Umeldungen an Aschreiwungen iwwer Tel.: +352 26 58 06 60**

**Viremente fir Reservatiounen op de Konto CCPLULL – IBAN LU91 1111 1007 2640 0000**

**25.02.**
### FESTIVAL DES MIGRATIONS
Lëtzebuerg-Kierchbierg - Luxexpo

Rendez-vous um Parking Plateau des Hauts Fourneaux um 14.15 Auer oder um 15 Auer virun der Luxexpo · Transport: 18€

**03.03.**
### VISITE VUM LANDWIRTSCHAFTS-BETRIB JEFF REIF ZU ÈLWEN
Rendez-vous um Parking Plateau des Hauts Fourneaux um 14.15 Auer

Mëttegiesse Beim Bertchen zu Wuelessen

**06.03.**
### SENIOREFUESBAL
Am Hall „O" zu Uewerkuer

Rendez-vous um Parking Plateau des Hauts Fourneaux um 14.30 Auer oder ab 15 Auer beim Hall „O"

Fir gutt Stëmmung suergen den Käpt'n Ändä & Matrous K1000 feat. The Hüettes

Entrée: 5€ (gëtt op der Plaz bezuelt)

**25.03.**
### OSTERMARKT IN ST. WENDEL
Rendez-vous um Parking Plateau desHauts Fourneaux um 8.30 Auer oder um 8.50 Auer beim Sportzenter Bim Diederich zu Péiteng

Retour um 18 Auer zu St. Wendel

Visit vum Maart awer och vum Stiedchen

Präis: 30€ fir Memberen (45€ Net-Memberen)





# Wat war lass?

**08.12.2022** - *C'est dans la salle des fêtes du Lycée Mathias Adam à Lamadelaine que l'Ecole de Musique de la commune de Pétange avait organisé sa remise annuelle des diplômes. En présence des édiles, de parents et d'amis des jeunes musiciens, 95 diplômes furent remis aux étudiants lors de cette cérémonie. L'encadrement musical apprécié par l'audience fut assumé par des musiciens de l'Ecole de Musique.*


















**13.12.2022** - *Am Festsall vum Lycée Mathias Adam zu Lamadelaine hunn d'Schüler a Schülerinnen aus der Péitenger Musiksschoul eng Traditioun weiderliewe gelooss. Virun engem gespaante Publikum hunn si am Laf vun hirem Chrëschtconcert bewisen, wat fir Talenter an hinne stiechen a virun allem, wat fir Fortschrëtter si an der Musiksschoul gemaach hunn. Fir si all war dësen Owend e gelongenen Ofschloss vum Joer, awer och en Encouragement fir déi nächst Etapp an der Musiksschoul.*





















**15.12.2022** - *Lors de la Journée des méritants au Centre sportif Bim Diederich à Pétange, de nombreux citoyens étaient à l'honneur. Soit pour l'appartenance de longue date à une association locale, soit en tant que donneur de sang ou encore pour des exploits sportifs. Cette année, le mérite sportif de la Commune est revenu à Jean Noël tandis que Charles Storoni s'est vu remettre le mérite culturel. L'illusioniste Daniel Craven fut en charge de la partie divertissement de cette soirée.*














# Rock the South



Rock the South, dat ass zënter Joren e Musiksfestival fir jonk Nowuesstalenter. Och am Dezember 2022 war den Home St Hubert gutt gefëllt fir d'Optrëtter vun deene jonke Musiker sn och vu méi „alen Huesen" ewéi *The Cookies* (Gewënner 2021) a *Versus You*.

De Prix d'encouragement vun der Gemeng zesumme mat engem Optrëtt op der Fête de la Musique 2023 goung u *Boy From Home*. Optrëtter op der Fête de la Musique an um On Stéitsch 2023 ware fir *Scian*. Iwwer e Coaching Package vu Unison Studios hunn sech *Deep Dive Culture* gefreet, an *Trouble in Paradize* konnten e Bong vun 1000€ fir eng Opnam bei Unison Studios einheimsen.

















## Grousse Succès fir eis Rentnerfeier

Zwee Nomëtteger stoung de Péitenger Sportzentrum Bim Diederich ganz am Zeeche vun der alljährlecher Rentnerfeier, déi vun der Péitenger Gemeng organiséiert gëtt.

Ronn 280 Pensionäre vu Rodange a Rolleng esouwéi eng 340 vu Péiteng haten de Wee heihinner fonnt, wou si bannt e puer Stonne vill gepotert, gelauschtert, gestaunt, gelaacht a matgesongen hunn. An um Wee fir heem krut jiddereen nach e flotte Kaddo a Form vun enger schéiner Decken iwwerreecht.

Fir de musikaleschen Encadrement hunn d'Caro mat Helene Fischer-Lidder an den Ensembel Erny Delosch mam Sandy Botsch gesuergt iwwerdeems de Jean Ferry um Trampolin fir gutt Stëmmung an den Illusionist Daniel Craven fir Staunen am Sall gesuergt hunn.





























*__16.12.2022__ - Comme le veut la tradition, les collaborateurs employés par la commune de Pétange, le personnel enseignant, les membres du CGDIS, tous en service depuis 20 ans, ainsi que tous ceux qui, en 2022, ont débuté leur vie de nouveaux pensionnaires furent à l'honneur lors d'une soirée dînatoire au Centre WAX à laquelle l'administration communale avait invitée. Le bourgmestre, entouré des membres du collège échevinal et du conseil communal, a tenu à les remercier pour toutes les années prestées dans l'intérêt des citoyens.*

*__19.12.2022__ - Et war eng aner Zäit ewéi haut, et waren d'Nokrichsjoren, eng Welt, déi mir eis hautdesdaags net esou richteg kënne virstellen. Ma den Emil Angel huet et bei der Virstellung vu sengem neie Buch verstanen, Kandheetserënnerungen opliewen ze loossen an dem Nolauschterer d'Gefill ze ginn, e klengen Deel vun dëser Zäit ze sinn. A sengem Wierk „Deemols a menger klenger Welt" huet den Autor mat Humor en Deel vu sengem Liewen gedeelt. Eng Liesung, déi keen onberéiert gelooss an och virwëtzeg gemaach huet, wat et nach alles an dësem Buch z'entdecke gëtt.*












*__17.12.2022__ -Le mois de décembre, c'est le mois des récompenses pour des performances scolaires excellentes par des élèves et étudiants habitant la commune de Pétange. Lors d'une réception à la Maison de la Culture à Pétange, des membres du collège échevinal ainsi que du conseil communal les ont félicités pour leurs efforts. Le bourgmestre a souligné les détails suivants:*

- *Primes de réussite annuelle: 890*
- *Récompenses de fin de formation: 221*
- *Total des demandes reçues: 1.111*
- *Total des primes et récompenses: 159.700€*

- *Diplômes – nombre de lauréats*
- *Diplôme de fin d'études secondaires: 76*
- *Diplôme de technicien: 22*
- *Diplôme d'aptitude professionnelle: 16*

*87 étudiants ont décidé de poursuivre des études dans 10 pays différents dont le Luxembourg (33), la Belgique (18), la France (15), l'Allemagne (9), les Pays-Bas (4), l'Autriche (3), la Grande-Bretagne (2), la Suisse (1), l'Irlande (1) et le Portugal (1).*











**23.12.2022** - *Über mehrere Monate hinweg war es ruhig im Nationalen Kegelzentrum QT in Petingen, da eine Erneuerung der Kegelbahnen auf dem Programm stand. Ein neuer Estrich, eine neue Isolation, eine neue Beleuchtung sowie weitere Arbeiten im Innenraum mussten ausgeführt werden ehe die teils neuen Bahnen installiert werden konnten. 583.000€ investierte die Gemeinde um diesem Breitensport wieder seinen wohl verdienten Stellenwert zu geben. In Anwesenheit des Ministers für Sport, Georges Engel, wurden die neuen Kegelbahnen offiziell ihrer Bestimmung übergeben. Gut Holz!*















ARRÊT SUR IMAGE

**01.2023** - *Net nëmmen doheem gouf de Start an dat neit Joer gefeiert, och an der Seniorie St Joseph zu Péiteng esouwéi an der Résidence Ronnwiss zu Rodange hunn d'Pensionären 2023 Wëllkomm geheescht. An ewéi dat op der Péitenger Gemeng schonn zur Traditioun ginn ass, hunn d'Membere vum Schäfferot mat dem Buergermeeschter un der Spëtz sech et net huele gelooss fir de Senioren a Seniorinnen déi bescht Wënsch fir dat neit Joer z'iwwerbréngen. A si waren och net mat eidlen Hänn ënnerwee. Jidderee vun den eelere Leit krut eng Decken, esou datt si och déi méi kal Joreszäit gutt waarm agepak kënne sinn. An dëse Besuch huet op deenen zwou Adressen och vill Freed gemaach.*













**26.01.2023** - *Fir e puer Stonnen hat et den amerikanesche Botschafter Thomas M. Barrett, deen zënter engem Joer zu Lëtzebuerg ass a laang Jore Buergermeeschter vun der Stad Milwaukee (Wisconsin) war, an den déiwe Minett verschloen, wou hien d'Gemeng Péiteng besicht huet. Hie gouf vum Buergermeeschter Pierre Mellina an de Membere vum Schäfferot empfaangen an huet sech duerno an d'Gëlle Buch vun der Gemeng agedroen. Um Programm stoung e klengen Abléck an den AUDEO, bei Radio Péiteng On Air esouwéi eng Visitt vum Keelen- an Tenniszenter QT. Am Laf vum Moie gouf och nach e kuerze Stop op der Grenz ageluecht, wou d'Groussherzogin Charlotte 1940 an den Exil goung ier et du bei de WAX an de Square Hyman Josefson goung. Eng sympathesch Visitt, un déi sech e Mëttegiessen am WAX ugeschloss an déi dem Gaascht sichtlech gefall huet.*



















# Mir gratuléieren!



90 Joer jonk gouf dëser Deeg d'**Madamm Susanne Schrank-Wolff**, déi ëmgi war vun hirer Famill fir dee groussen Dag ze feieren. Membere vum Schäfferot, déi mat enger schéiner Corbeille koumen, hunn dem Gebuertsdagskand alles Guddes gewënscht an zesumme mat Memberen aus der Direktioun, vum Fleegepersonal a vun der Amicale aus der Seniorie e klenge Ständchen ugestëmmt.

Virun 90 Joer huet d'**Madamm Marie-Louise Stammet** hiren 90. Geburtsdag gefeiert. Mat engem gudde Patt huet si zesumme mat hirer Famill a Membere vum Péitenger Schäfferot op hire ronne Gebuertsdag ugestouss. D'Gemengevertrieder waren och net mat eidelen Hänn komm an hunn d'Jubilarin mat enger gutt gefëllter Corbeille iwwerrascht, déi si och gär an Empfang geholl huet.





An der Seniorie zu Péiteng stoung och nees eng Feier um Programm: d'**Madamm Maria Zimmer-Damit** krut 90 Joer. Gutt gelaunt huet si sech verwinne gelooss vum Buergemeeschter esouwéi 2 Schäffen, déi hir e ganze Koup gutt Saachen iwwerreecht hunn ier mat de Familljememberen, Vertrieder aus der Direktioun, vum Fleegepersonal an der Amicale den obligate Patt ustoung.



D'Käerzen op hirem Gebuertsdagskuch huet och d'**Madamm Yvonne Fehlen-Stroesser** däser Deeg ausgeblosen. Si ass ewell an der Seniorie St Joseph zu Péiteng, wou si mat engem Kuerf voll gudder Saache vu Schäfferotsmemberen iwwerrascht gouf. Gratulatioune gouf et awer och vun der Direktioun, vum Fleegepersonal esouwéi vun der Amicale vun der Seniorie. No dem traditionelle Ständchen huet d'Jubilarin zesumme mat de Gäscht op hiren Dag ugestouss.

95 Joer jonk, an nach ëmmer gudder Déng, esou huet den **Här Nicolas Diederich** säi grousse Dag an der Seniorie gefeiert. Eng gutt gefëllte Corbeille hu Membere vum Péitenger Schäfferot him och gären iwwerreecht. Nieft der Famill hunn och Membere vun der Direktioun an der Amicale him nëmmen dat Bescht gewënscht fir déi Joren, déi nach kommen. E gudde Patt gouf selbstverständlech och zesumme mam Gebuertsdagskand geholl. Esou wéi dat sech gehéiert.





Ëmgi vun der Famill, awer och vu Memberen aus der Direktioun an der Amicale vun der Seniorie krut den **Här Paul Nilles** e schéine Kaddo a Form vu Schäfferotsmemberen iwwerreecht. Si all hunn him fir dëse schéinen Dag gratuléiert an sech fir den obligate Ständchen och gutt an d'Broscht gehäit. Um Enn stoung awer och nach e gudde Patt fir jiddereen um Programm. E Patt, mat deem de Jubilar gären ugestouss huet.





# Konveniat



Vill ze zielen haten sech d'Jongen a Meedercher vum Joergang 1957, déi 1963 zesummen an dat 1. Schouljoer zu Péiteng goungen. 37 haten d'Invitatioun ugeholl an hunn sech dunn och hei an der Gemeng getraff. No der Receptioun, déi di Péitenger Gemeng offréiert huet, goung de Wee an d'Béierhaascht op Käerjeng, wou e ganze Koup flott Erënnerungen, Anekdoten a Spiichten opgefrëscht goufen.



## De Geschichtsfuerscher Nummer 11 ass do!

D'Geschichtsfrënn aus der Péitenger Gemeng waren nees ganz aktiv a wäerten de 15. Februar dem Fons Cruchten seng Erënnerunge vu senger Heemecht Péiteng aus de Joren 1946-1970 erausbréngen. Dës 11. Editioun vum Geschichtsfuerscher ass e Réckbléck op méi grouss a manner grouss Evenementer esouwéi perséinlech Bléckpunkten aus de Nokrichsjoren an doriwwer eraus. Eng Zäitrees mat engem Zäitzeien, déi e ganz perséinlecht Bild vun der Uertschaft erëmgëtt.

De Präis vum Buch ass 25 €, de Versand kascht zousätzlech 5 €. D'Sue kënnen op de **Konto LU26 0019 5655 0734 8000 vun den Geschichtsfrënn** iwwerwise ginn.




Et kann een dem Fons Cruchten säi Buch nom 15. Februar awer och bei d'Geschichtsfrënn an dat aalt Paschtoueschhaus op Rolleng siche goen. Si si freides nomëttes vu 15 bis 18 Auer op. Commandë gi per e-mail (geschichtsfrenn@petange.lu) oder Tel. +352 691 506 034 ugeholl

! Déi Péitenger Geschichtsfrënn luede gläichzäiteg op hir **Generalversammlung** an, déi de **15. Februar um 19.00 Auer** am **Kulturhaus A Rousen** zu Péiteng ass.

## E Liewe laang – Filmvirféierung

**Donneschdeg, de 16. Mäerz um 19.30 Auer**

**Wou? Am Geschichtshaus An der Uecht zu Rolleng**

E Film vum Emil Angel vun 1992 mat ë.a. dem Marc Olinger, Marie-Christine Faber, Fernand Fox.

**Den Entrée ass fräi!**

**Umeldunge w.e.g. bis de 15. Mäerz** per e-mail (geschichtsfrenn@petange.lu) oder Tel. +352 691 506 034.

## Programm fir RPL TV

### Emissioun vum Februar 2023

**Wat war lass:**
26.01. Visite U.S Ambassador
31.01. Inauguration salle de tennis de table
10.02. Remise de la clef de l'Hôtel de Ville

**Reportage:**
Buchvirstellung Geschichtsfuerscher

## Richtegstellung

An der Dezember 2022-Editioun vum *Meng Gemeng* stoung bei der *Brasserie Um Dill* (am Keelen-an Tenniszenter QT zu Péiteng) nach déi al Telefonsnummer. **Déi nei a richteg Telefonsnummer ass +352 26 65 04 00.**

# Eng laang Geschicht ...

Stiecht Dir gären d'Nues an al Bicher, Fotoen an aner Dokumenter? Spillt Dir gären de jonken Detektiv a stöbert mat Leidenschaft an der Vergaangenheet?

D'Geschicht vun der Péitenger Gemeng ass tatsächlech laang, awer och ganz spannend. Méi ewéi



2000 Joer kënne mir an d'Vergaangenheet kucken a mat erliewen, wéi sech d'Gemeng iwwer d'Jorhonnerten entwéckelt huet. Dobäi sinn et och déi manner spektakulär a lokal Ereegnisser déi onerwaart interessant sinn. Wee weess schonn, datt zu Rolleng am Paschtoueschhaus e Muerd passéiert ass?

Wann Dir Spaass un der Geschicht hutt an esou munch Neies entdecke wëllt an der Gemeng Péiteng, da kommt bei eis an d'Equipe vun de Geschichtsfrënn. Nei Gesiichter, nei Iddie sinn ëmmer wëllkomm.

Rufft eis un um Tel. 50 12 51-6250 oder +352 691 506 034, schreift eis (geschichtsfrenn@petange.lu) oder kommt laanscht. Mir si freides nomëttes tëscht 15 an 18 Auer am ale Paschtoueschhaus zu Rolleng fir Iech do!




**Infoe stinn awer och um Internetsite www.geschichtsfrenn-peiteng.lu**

## Gemengewale vum 11. Juni 2023

Eng Demande fir d'Bréifwal ka vum **20. Mäerz 2023** un ugefrot ginn. Dës Demande kann iwwer www.myguichet.lu, schrëftlech oder op dem virgedréckte Formulaire agereecht ginn, dee vun dësem Datum un an der Gemeng, wou de Wieler wunnt, disponibel ass. Op der Demande muss een den Numm, Virnumm, Gebuertsdatum an Adress uginn, wou d'Convocatioun dann higeschéckt gëtt.

## Elections communales du 11 juin 2023




Une demande pour le vote par correspondance peut être introduite **à partir du 20 mars 2023.** Cette demande peut se faire par www.myguichet.lu, sur papier libre ou sur le formulaire préimprimé disponible auprès de l'administration communale de la résidence de l'électeur. Elle doit indiquer les nom, prénom, date et lieu de naissance ainsi que l'adresse de l'électeur à laquelle la lettre de convocation doit être envoyée.




pétange
MOTIVATION COMMUNE
an Du

www.petange.lu





# 75e CYCLO-CROSS INTERNATIONAL DU NOUVEL-AN



## 75. Péitenger Cyclo-Cross

Den Hierschtbierg zu Péiteng war och 2023 op Neijoersdag am Zentrum vun de sportlechen Aktivitéiten, fir déi eng sëlleche Crossfrënn de Wee an de Süden um Feierdag fonnt haten. Bei de Juniore gouf de Lëtzebuerger Noa Berton de 7 a bei den Débutants wousst de Yannis Lang als 5. z'iwwerzeegen. Wéi erwaart huet d'Hollännerin Manon Bakker sech bei de Fraen duerchgesat iwwerdeems de Fransous Joshua Dubau sech bei de Männer duerchsetze konnt.














KaGePe

pétange
MOTIVATION COMMUNE

# Venez tous à PETANGE

G.-D. de Luxembourg



## Dimanche, le 19 mars 2023

14.11 heures

# 66e Cavalcade

GRAND CHAPITEAU CHAUFFÉ
À LA PLACE J.F. KENNEDY

**JEUDI 16 MARS**
**KANNERBAL**

**VENDREDI 17 MARS**
**AFTERWORK DJ LORO**

DJ Loro

**SAMEDI 18 MARS**
**NERVOZNI POŠTAR**
- Prévente 20 € -

NERVOZNI POŠTAR

**DIMANCHE 19 MARS**
**KÄPT'N ÄNDÄ &**
**MATROUS K1000**
- GRANDE FINALE -

Käpt'n Ändä & Matrous K1000 feat. the Hüettes

TOUS LES DETAILS SUR
www.kagepe.lu



Péitenger Wand Béier, Edition 2023 powered by Bofferding!

Profitez des transports publics pour vous rendre à Pétange! Infos sur: www.mobilitéit.lu

Collectionnez la MASCOTTE de la Péitenger Cavalcade




NAVETTE D'AUTOBUS GRATUITE:
CACTUS BASCHARAGE - CENTRE DE PÉTANGE

AUTOMOBILES CAR AVENUE 100

BOFFERDING
De Béier vun hei.

**ENTRÉE LIBRE**